Dr. J.B. Detherme vu Sonlez



Ufangs vu ménger Emissioun hun ech gesot, datt vill Lëtzebuerger Stodéierter, absëns derer aus dem franséischen Deel déi Säit Arel, an Éisterräich Carrière gemaacht hun, well se déi franséisch prooch mëndlech a schréftlech mat Liichtegkeet manövréiert hun. Ënner dene ville sollen en etlech Nimm erausgestrach gin ; do as den Detherme von Sonlez, be Doncols, vun deem et heescht, datt en et zu Wien zum Beichtvater vum Jousep II. bruecht huet. Och hie war doheem der Bauerenaarbecht entlaf, richteg fortgelaf war en. Datt en zu Wien esou héich komme as, dat konnt nëmme mat Hëllef vu wonnerbare Geschichten erkläert gin.

En hätt als aarmen Heescheleitsjong virun engem schéine Schlass gestanen, a friemem Land, a mat haarder Stëmm virun sech geklot, wéi et dach onerhéiert an ongerecht wär, datt déi eng Leit alles hätten an déi aner guer näischt.

De Schlasshär huet en dobäi ugetraff an e mat op d'Schlass geholl an esou wieder, wéi dat an de Seërcher esou geet. Esou hätt et kënne gewiescht sin, mee déi meescht Heeschebouwe blouwen hir Liefdo, wat sie emol gewiescht waren.

Et gët nach soss allerlee Erbauleches iwwer hie gefuebelt, war ze schéin as fir wouer ze sin. Esou soll hien säin ale Papp a séng Sëschter no Wien komme gelooss hun an déi wäre bis an d'Hofbuerg invitéiert gin, vum Käsr selwer. Op alle Fall war et esou, datt de Jean Baptiste Detherme, doheem wär et en einfache Batty bliwwen, bis an ons Zäitperiod erop als e grousse Mann vum Duerf gëéiert war. En Detherme war nach 1940 Buergermeeschter zu Doncols.

Quell: Professer Jos Hess (14.3.1889 – 2.4.1973) RTL-Edition 14.9.1071